



GEMENG  
**BIEKERECH**

N°277 - DÉCEMBRE 2025



INFOBLAT VUN DER BIEKERECHER GEMENG - BULLETTIN COMMUNAL DE LA COMMUNE DE BECKERICH



# D'SUEBBELMOUNK



GEMENG  
**BIEKERICH**

## ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich  
Tél. : 26 669-100 • E-mail : [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu)  
[www.beckerich.lu](http://www.beckerich.lu)

Les bureaux sont ouverts :  
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

### RÉCEPTION - POPULATION

[info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu) | T. 26 669-100

#### NOTHUM Lynn

[lynn.nothum@beckerich.lu](mailto:lynn.nothum@beckerich.lu)  
T. 26 669-100

### ÉTAT CIVIL - POPULATION

#### BETZEN Viviane

[viviane.betzen@beckerich.lu](mailto:viviane.betzen@beckerich.lu)  
T. 26 669-105

### FACTURATION - POPULATION

#### BREVER Chantal

[chantal.brever@beckerich.lu](mailto:chantal.brever@beckerich.lu)  
T. 26 669-104

### SECRÉTARIAT

#### KELLEN Martine, secrétaire

[martine.kellen@beckerich.lu](mailto:martine.kellen@beckerich.lu)  
T. 26 669-102

#### HOFFMANN Philippe

[philippe.hoffmann@beckerich.lu](mailto:philippe.hoffmann@beckerich.lu)  
T. 26 669-101

### RESSOURCES HUMAINES

#### LEYDER Corinne

[corinne.leyder@beckerich.lu](mailto:corinne.leyder@beckerich.lu)  
T. 26 669-106

### RECETTE

#### THILL Natalie, receveur

[natalie.thill@beckerich.lu](mailto:natalie.thill@beckerich.lu)  
T. 26 669-130

### SERVICE TECHNIQUE

#### REDING Flore, ingénieur technicien

[flore.reding@beckerich.lu](mailto:flore.reding@beckerich.lu)  
T. 26 669-151

#### JAEGER Patrick, ingénieur technicien

[patrick.jaeger@beckerich.lu](mailto:patrick.jaeger@beckerich.lu)  
T. 26 669-150

#### DE OLIVEIRA Rafael, technicien

[rafael.deoliveira@beckerich.lu](mailto:rafael.deoliveira@beckerich.lu)  
T. 26 669-152

#### CANDELAS Maria, architecte

[maria.candelas@beckerich.lu](mailto:maria.candelas@beckerich.lu)  
T. 26 669-605

### ATELIER

[atelier@beckerich.lu](mailto:atelier@beckerich.lu)  
T. 26 669-220

### RENSEIGNEMENTS SALLES

#### JACOBY Patrick

[patrick.jacoby@beckerich.lu](mailto:patrick.jacoby@beckerich.lu)  
T. 26 669-201

### RÉSEAU DE CHALEUR ET EAU

#### JACOBY Gilles

[gilles.jacoby@beckerich.lu](mailto:gilles.jacoby@beckerich.lu)  
T. 26 669-202

### PERMANENCE ÉCOLES

#### SCHOLTES Claude

T. 691 721 436

### MAISON RELAIS - DILLENDAPP

[mrelais@beckerich.lu](mailto:mrelais@beckerich.lu)

**BRAUN Olivier** Chargé de direction T. 26 669-401

**CAILTEUX Cindy** Adjointe à la direction T. 26 669-402

### POMPIERS (CIS BECKERICH)

[cisbec@cgdis.lu](mailto:cisbec@cgdis.lu)

### HALL SPORTIF

[sportshal@beckerich.lu](mailto:sportshal@beckerich.lu)  
T. 26 669-300

### ASSISTANTE SOCIALE

#### DIAS Sandra

T. 26 62 10 55-1

### GARDE FORESTIER

#### HOLLERICH Thierry

T. 621 202 184

### CENTRE MÉDICAL REDANGE/ATTEERT

T. 23 62 42-1



**PERMANENCE DÉPANNAGE**  
**T. 26 66 9-200**



D'SUEBELMOUK  
DÉCEMBRE 2025 / N° 277

Responsables d'édition : Thierry LAGODA, bourgmestre  
Claude LOUTSCH, échevin  
Patrick WAMPACH, échevin

Date butoir édition Janvier 2026 : 18.12.2025

[suebelmouk@beckerich.lu](mailto:suebelmouk@beckerich.lu)



# INDEX



EDITORIAL P.04

GEMENG/  
KOMMUNIKATIOUNEN P.06

DILLENDAPP &  
SCHOUL P.16

D'KANNERMOUK P.18

EMWELT P.20

ALLGEMENG INFO P.22

KULTUR P.30

MANIFESTATIOUNS-  
KALENNER P.32



d'Suebelmouk  
Online



Association European Energy Award

#### 4. EEA-Gold Auszeichnung fir d'Gemeng Biekerech

D'Gemeng Biekerech ass säit den 90er Joren national, wéi och international bekannt fir hir Klimaschutzpolitik. Rezent gouf eis Gemeng fir d'4. Kéier hannerenee mat engem ganz gudde Score vun iwwer 80% am Klimapakt ausgezeechent. Eng Leeschtung, déi nëmme wéineg Gemengen op internationalem Niveau fäerdeg bruecht hunn.

Dës Leeschtung ass virun allem op ganz engagéiert Mataarbechter zereckzeféieren, déi d'Energietransitioun an eiser Gemeng scho säit laangem eescht huelen an aktiv matschaffen eis Energie sou rational wéi méiglech anzesetzen. Mee, och ouni Benevoller, wéi d'Memberen aus eisem Klimateam an eise Klimapaktberoder, dem Stéphane Devillet vum Syndikat Kanton Réiden, hätt mer dëst Zil net kinnten erreechen.

Zu Saas-Fee an der Schwäiz, gouf an der Allerhellegvakanz d'Gold-Event ofgehalen, wou all d'Gemengen ausgezeechent goufen, déi beim European Energy Award (EEA) eng besonnesch héich Punkteziel vun iwwer 75% erreeche konnten. Den European Energy Award regroupéiert déi europäesch Initiativen, déi änlech wéi de lëtzebuergesche Klimapakt funktionéieren.

Am Virfeld vun der Zeremonie, hunn d'Klima-Agence, déi fir de Klimapakt zu Lëtzebuerg responsabel ass an d'EEA eng Partie Visitten organiséiert, déi gewisen hunn, wéi an der Schwäiz d'Gemengen d'Energietransitioun ëmsetzen. Dobäi huet sech gewisen, datt d'Probleemer an all Land déi selwecht sinn, mee d'Léisungsausätz sech kënnen ënnerscheeden. Den Austausch tëscht der Gemenge war duerfir eng ganz flott Geleeënheet fir den Horizont z'erweideren an nei Iddien ze sammelen.

Bei der Zeremonie krut d'Gemeng Biekerech och d'Geleeënheet hir Klimapolitik ze presentéieren. Virun allem déi nei gegrënnten Energiegemeinschaft Gemeng Biekerech ass an deem Kader als innovativ Measure presentéiert gi fir d'Biergerinnen an d'Bierger um Wee vun der Energietransitioun aktiv matzehuelen.

Ganz erfreenlech war et, datt eis Nopeschgemeng, d'Gemeng Ell, eis mat op Saas-Fee begleet huet, déi dann elo fir 2. Kéier mat Gold zertifizéiert gouf. Mat anere Gemengen aus dem Kanton Réiden, déi mëttlerweil Gold erreecht hunn, weist sech, datt Klimapolitik iwwert d'Gemegegrenzen erausgeet, an datt een duerch eng gutt Zesummenaarbecht, ewéi déi am Kanton Réiden, gemeinsam méi wäit kënnt.

Am Numm vun der Gemeng Biekerech wëll ech duerfir alleguer de Bedeelegten villmools Merci soen, déi sech fir de Klimaschutz an eiser Gemeng asetzen an déi duerfir suergen, datt mir weiderhin als Gemeng Virreider an der Klimapolitik bléiwen.

**Thierry LAGODA**

Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech





Association European Energy Award

## 4. Distinction EEA-Gold pour la commune de Beckerich

Depuis les années 90, la commune de Beckerich est reconnue au niveau national comme international pour sa politique climatique. Récemment, notre commune a été distinguée pour la 4<sup>e</sup> fois consécutive avec un excellent score de plus de 80% dans le cadre du Pacte Climat. Une performance que seules très peu de communes au niveau international ont réussi à atteindre.

Cette réussite est avant tout due à des collaborateurs très engagés, qui prennent la transition énergétique dans notre commune au sérieux depuis longtemps et qui œuvrent activement pour utiliser notre énergie de la manière la plus rationnelle possible. Mais sans les bénévoles, comme les membres de notre équipe climat et notre conseiller Pacte climat, Stéphane Devillet du Syndicat du Canton de Redange, nous n'aurions pas pu atteindre cet objectif.

À Saas-Fee, en Suisse, a eu lieu pendant les vacances de la Toussaint l'événement Gold, où toutes les communes ayant obtenu un score particulièrement élevé – supérieur à 75 % – dans le cadre de l'European Energy Award (EEA) ont été récompensées. L'European Energy Award regroupe les initiatives européennes qui fonctionnent de manière similaire au Pacte Climat luxembourgeois.

En amont de la cérémonie, l'Agence du Climat, responsable du Pacte Climat au Luxembourg, ainsi que l'EEA ont organisé une série de visites montrant comment les communes suisses mettent en œuvre la transition énergétique. Il en est ressorti que les problèmes sont les mêmes dans tous les pays, mais que les approches de solutions peuvent différer. Les échanges entre communes ont donc été une très belle occasion d'élargir les horizons et de recueillir de nouvelles idées.

Lors de la cérémonie, la commune de Beckerich a également eu l'occasion de présenter sa politique climatique. En particulier, la communauté énergétique nouvellement créée dans la commune de Beckerich a été présentée comme une mesure innovante visant à impliquer activement les citoyennes et citoyens dans la transition énergétique.

Il a également été très réjouissant que notre commune voisine, la commune d'Ell, nous ait accompagnés à Saas-Fee et ait été certifiée or pour la 2<sup>e</sup> fois. Avec d'autres communes du canton de Redange ayant entre-temps atteint le niveau or, cela montre que la politique climatique dépasse les frontières communales et qu'une bonne collaboration, comme celle qui existe dans le canton de Redange, permet d'aller plus loin ensemble.

Au nom de la commune de Beckerich, je tiens donc à remercier chaleureusement toutes les personnes qui s'engagent pour la protection du climat dans notre commune et qui veillent à ce que nous restions un pionnier en matière de politique climatique.

**Thierry LAGODA**

Bourgmestre de la commune de Beckerich

# ÖFFENTLICHE BEKANNTMACHUNG

Gemäß Artikel 82 des abgeänderten Gemeindegesetzes vom 13. Dezember 1988 wird der Öffentlichkeit hierdurch mitgeteilt, dass der Gemeinderat von Beckerich durch seine Beschlüsse vom 22. Oktober 2025 folgende Gemeindereglemente verabschiedet hat:

- das Gemeindereglement betreffend die Festsetzung des **Ankaufspreises des von Dritten gelieferten und zur Verbrennung in der Holzhackschnitzel-Heizzentrale bestimmten Holzes** für das Haushaltsjahr 2026 (Punkt 2.1 der Tagesordnung);
- das Gemeindereglement betreffend die Gewährung von **Geschenken an das Gemeindepersonal und an die Mitglieder des Gemeinderates** (Punkt 2.2 der Tagesordnung);
- das Gemeindereglement betreffend die Gewährung von **Geschenken an Einwohner anlässlich ihrer Jubiläumsgeburtstage** (Punkt 2.3 der Tagesordnung).

Die Texte der genannten Reglemente stehen der Öffentlichkeit im Gemeindehaus in Beckerich zur Verfügung, wo sie eingesehen und/oder ohne persönliches Erscheinen kopiert werden können, sowie auf der Internetseite der Gemeinde [www.beckerich.lu](http://www.beckerich.lu)

Gemäß Artikel 16 des geänderten Gesetzes vom 21. Juni 1999 zur Verfahrensordnung vor den Verwaltungsgerichten kann gegen diese Entscheidungen innerhalb von drei Monaten nach der Veröffentlichung oder, wenn keine Veröffentlichung erfolgt, nach der Mitteilung oder dem Tag, an dem der Kläger davon Kenntnis erlangt hat, Berufung vor den Gerichten der Verwaltungsgerichtsbarkeit eingelegt werden.

## AVIS AU PUBLIC

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par ses délibérations du 22 octobre 2025, a arrêté

- le règlement communal portant fixation du **prix d'achat du bois fourni par des tiers et destiné à être incinéré dans la centrale de combustion à copeaux de bois** pour l'exercice 2026 (point 2.1. de l'ordre du jour);
- le règlement communal relatif à l'allocation de **cadeaux au personnel communal et aux membres du conseil communal** (point 2.2. de l'ordre du jour);
- le règlement communal portant octroi de **cadeaux aux habitants pour leurs anniversaires jubilaires** (point 2.3. de l'ordre du jour);

Le texte desdits règlements sont à la disposition du public à la maison communale à Beckerich où il peut être consulté et/ou en être pris copie sans déplacement, ainsi que sur le site internet communal [www.beckerich.lu](http://www.beckerich.lu).

En exécution de l'article 16 de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours devant les juridictions de l'ordre administratif peut être introduit contre la présente décision dans les 3 mois qui suivent la publication ou, à défaut de publication, de la notification ou du jour où le requérant en a eu connaissance.



# SOLARPRÄIS 2025

## PRIX SOLAIRE 2025



Michel Logeling (Brainplug)

Paul Zens (président d'Eurosolar Lëtzebuerg asbl), Paul Kauten, Patrick Wampach, Ministre Serge Wilmes

### **D'Gemeng Biekerech ënnert de Gewënner vum Solarpräis 2025**

Den 16. Oktober huet am "Encore" an der Stad Lëtzebuerg d'Zeremonie vum Solarpräis Lëtzebuerg 2025, organiséiert vun Eurosolar Lëtzebuerg Asbl, stattfonnt. Dëse Präis, deen zënter 2003 verdeelt gëtt, soll beispillhaft Projete ervirhiewen, déi d'Energie-  
transitioun zu Lëtzebuerg fërderen an de konkrete Potenzial vun den erneierbaren Energien an allen Deeler vun der Gesellschaft weisen.

Bei dëser Editioun goufen eng Rei bemierkenswäert Initiativen ausgezeechent: Biergerprojeten, ëffentlech a privat Gebaier mat héijer Energieeffizienz, mee och pädagogesch an nohalteg Aktiounen, déi zu engem bewosstere Ëmgang mat Energie motivéieren. De Solarpräis ënnersträicht virun allem den Innovatiounsgeescht, d'Zesummenaarbecht an de Courage, nei Weeër ze goen an nohalteg Léisungen ze testen – fir eng propper an onofhängeg Zukunft.


Ënnert de Präisdréier befënnt sech och d'Gemeng Biekerech, déi fir d'Grënnung vun hirer Energiegemeinschaft Biekerech ausgezeechent gouf – zesumme mam Energiepark Réiden, Oekostroum Biekerech an dem LIST. Dëse partizipative Projet erméiglecht et, Solarenergie lokal ze produzéieren a matenee ze deelen.

### **La Commune de Beckerich parmi les lauréats du Prix Solaire 2025**

Le 16 octobre dernier s'est tenue à l'Encore à Luxembourg-ville la cérémonie du Prix Solaire Lëtzebuerg 2025, organisée par Eurosolar Lëtzebuerg Asbl. Ce prix, décerné depuis 2003, met en lumière des projets exemplaires qui favorisent la transition énergétique au Luxembourg et démontrent concrètement le potentiel des énergies renouvelables dans tous les domaines de la société.

Lors de cette édition, plusieurs initiatives remarquables ont été distinguées : des projets citoyens, des bâtiments publics et privés à haute performance énergétique, mais aussi des actions éducatives et communautaires qui encouragent un changement durable des comportements. Le Prix Solaire récompense avant tout l'esprit d'innovation et de collaboration, mais aussi le courage de celles et ceux qui osent expérimenter de nouvelles solutions pour un avenir plus propre et plus autonome.

Parmi les lauréats figure également la Commune de Beckerich, récompensée pour la création de son Energiegemeinschaft Beckerich, ensemble avec le Energiepark Réiden, Oekostroum Biekerech et le LIST, un projet participatif qui permet de produire et partager localement l'énergie solaire.





# FREEDFEIER SCHÉISSEN OP SYLVESTER

## USAGE D'UN FEU D'ARTIFICE ET DE PÉTARDS



De Schäfferot vun der Gemeng Biekerech ríft d'Awunnerinnen an Awunner dozou op, op d'Ofschéisse vu Freedefeier a Knupperte ronderëm d'Neijerschfeier ze verzichten – aus Respekt virun ären Noperen an den Déieren.

Mir wëllen drun erënneren, datt d'Benotze vu Feuerwierk a Knupperten an eise Dierfer strikt verbueden ass, an de Buergermeeschter keng Ausnamen oder Geneemegungen dofir vergëtt.

Mir zielen op äert Verständnis an äre Respekt fir dës Reegelung, déi dozou bäidréit, datt jidderee d'Festdeeg a Rou a Sécherheet genéisze kann – egal op dir doheim, mat Frënn oder an der Famill feiert.

De Schäfferot wënscht iech schéi Feierdeeg a vill Freed beim Feieren – ganz ouni Kaméidi!

Le collège échevinal de la commune de Beckerich invite l'ensemble des habitants à renoncer aux feux d'artifice et aux pétards durant les festivités de la Saint-Sylvestre – par respect pour vos voisins et les animaux.

Nous rappelons que l'utilisation de feux d'artifice et de pétards est strictement interdite dans les villages de notre commune, et que le bourgmestre ne délivre aucune dérogation à cette interdiction.

Nous comptons sur votre compréhension et votre respect de cette réglementation, afin que chacun puisse profiter des fêtes dans la sérénité et la sécurité – que vous célébriez à la maison, en famille ou entre amis.

Le collège échevinal souhaite à toutes et à tous de belles fêtes de fin d'année, dans la joie et sans bruit !



## TREIBJAGDEN – ÜBERSICHT

### CHASSES EN BATTUE – DATES À RETENIR

Die Gemeindeverwaltung von Beckerich teilt hiermit die Daten der Drückjagden mit:

- **Auf dem Jagdlos Nr. 340 von Schweich wird am 14/12/2025 gejagt.**
- **Auf dem Jagdlos Nr. 281 von Levelingen wird am 14/12/2025 gejagt.**

Auszüge aus der Verordnung vom 13 März 2015:

Am Tag der Drückjagd ist der Zugang zum Wald auf eigene Gefahr. Es ist verboten den Ablauf der Jagd absichtlich zu stören.

Die Grenzen der Jagdlose sowie die Daten der Drückjagden können auf [geoportail.lu](http://geoportail.lu) eingesehen werden.

Jagden von bis zu 12 Schützen sowie solche auf Schwarzwild die weniger als 15 Tage im Voraus organisiert werden, können ohne diese Publikation stattfinden.

**Seien Sie in den kommenden Wochen und Monaten bei Spaziergängen im Wald besonders vorsichtig.**

L'Administration communale de Beckerich vous informe des dates des chasses en battue :

- **Le lot no. 340 de Schweich sera chassé le 14/12/2025.**
- **Le lot no. 281 de Levelange sera chassé le 14/12/2025.**

Extrait du règlement grand-ducal déterminant les mesures de sécurité à respecter par les chasseurs et les tiers du 13 mars 2015 :

Le jour de la battue, [...] l'accès à la forêt se fait aux risques et périls propres du public.

Il est interdit de perturber de manière délibérée le bon déroulement de la chasse en battue de quelque manière que ce soit.

Les limites des lots de chasse et les dates des battues peuvent être consultées sur [geoportail.lu](http://geoportail.lu). Les battues de 12 chasseurs ou moins ainsi que celles destinées aux sangliers et organisées dans un délai inférieur à 15 jours peuvent avoir lieu sans cette publication.

**Dans les semaines et les mois à venir, soyez particulièrement prudent lorsque vous vous promenez dans la forêt.**

# PIUSMEDAILLE BEIM GESANGVERÄIN BIEKERECH - SCHWEECHERDAUL - RIPPWEILER

**Biekerech:** Et gehéiert schonn zur enger laanger Traditioun zu Lëtzebuerg, dat de Caeciliendag bei de Musiken a Gesangveräiner gefeiert gëtt. Beim Gesangveräi Biekerech- Schweecherdaul- Rippweiler war dat elo vir kuerzem och de Fall wou de Caeciliendag am Kader vun der Sonndesmass , zelebréiert vum Abbé Jacques Badnoud, gefeiert ginn ass. De Fernand Scheller huet de Chouer geleet an op der Uergel souz de Johnatan Grün. A senger Laudatio ass de Marc Boever, President vum Piusverband op Sënn an Zweck vum Caeciliendag agaangen. E wichtigen Dag vun Dankbarkeet wou d'Memberen och geéiert ginn an och a Gedanken un déi di net kennen derbäi sinn, an och un di léif Verstuerwen aus Musek a Gesank. Zugläich huet de President un d'Liewe vun der hl. Caecilia erënnert, déi am Joer 180 no Christus gebuer an den 22. November 230 als Märtyrerin op eng onmënschlech a grausam Aart a Weis gestuerwen ass. Dass Sie als Patréinisch vu Gesank a Musek ginn ass, weess kee ganz genau. Nieft dee ville geopolitische Konflikter an der Welt kënnst och lues a lues de schläichende Bedeitungsverloscht an eiser Kierch, wat eis Ulass zu grousser Suerg an eiser Gesellschaft mat sech bréngt. Bei ville Chorale ass den Altersduerchschnitt relativ héich. Mat eisem Sangen entsteet eng Gemeinschaft, tëschen deenen déi sangen an deenen di nolauschten. Mat ärem Sangen a musizéiere schenkt Dir ville Leit schéi Momenter an der Kierch a bei aner weltlech a kulturell Evenementer. Haut ass den Dag fir jidderengem Merci ze soen am Numm vum Piusverband fir den onermiddlechen Assatz iwwert all di Joren. Duerno koum zur Éierung vu laangjäregem Membere vum Gesank. D'Jacqueline Brauch- Loor an de Jean- Luc Schiltz si mat der „ médaille en or“ fir 40 Joer Aktivitéit vum Piusverband ausgezechent ginn. Gratulatiounen fir seng 60 Joer am Gesangveräi gouf et fir de Jos Petry, den mat der „plaque en or“ geéiert ginn ass. D'Iwwerreechung vun engem Diplom fir di Geéiert mat deene beschte Gléckwënsch vum President hunn des schéi Feier ofgeschloss. CR(Fotoen: Charles Reiser)



## 85. GEBUERTSDAG FIR DEN ARNOLD HOLTGEN

**Huwel:** Mat 85 Joer nach fit ze sinn, dat Gléck huet den Arnold Holtgen, dee säi Liewensowend viru kuerzem Doheem a sengem Wunnehaus zu Huwel konnt feieren. Den Arnold ass de 5. November 1940 zu Biekerech als den eelste vun zwee Kanner op d'Welt komm. Seng Eltere waren de Jean Holtgen an d'Catherine Reuter. Den Dag vun der Hochzäit mam Remy Schmitz vun Ielwen ass de 4. Juli 1966 gefeiert ginn. Haut gehéieren 1 Jong an engt Enkelkand zur Famill Holtgen-Schmitz. Den Arnold Holtgen huet sengt deeglecht Brout als Camions Chauffeur am internationale Fern-Transport bis zu senger Pensioun, verdéngt. Laangjäreg war hien am Komitee vum lokale Futtballveräin an och an de fräiwëllege Pompjeeën. Mat enger schéiner Coupe Orchideeën a gudde petits-fours war de Buergermeeschter Thierry Lagoda mat sengen zwéin Schäfte Claude Loutsch a Patrick Wampach bei den Arnold Holtgen perséinlech heem komm, fir dem Jubilar am Numm vun der Gemeng Biekerech häerzlech ze gratuléieren . No senger Wieder vu Merci fir de schéine Gest vun der Gemeng ass d'Glas erhuewe ginn an op weider gesond Joren zesumme mat senger Fra Remy geprost ginn. CR(Foto: Charles Reiser)







Régénération des quartiers en vue d'un environnement bâti à faible émission de carbone, inclusif et abordable

## DEUX ATELIERS POUR IMAGINER LE FUTUR ENSEMBLE

Suite au succès de notre premier événement participatif...

### 1ER WORKSHOP



Lundi 17 Novembre 2025

« Co-construire la régénération urbaine : réunir les savoir-faire pour un futur durable »

Un atelier d'échanges entre experts et acteurs locaux pour **repenser la durabilité de nos bâtiments et de nos espaces de vie.**

... la commune de Beckerich vous invite à un **second atelier** !



Cofinancé par l'Union européenne

Cofinancé par l'Union européenne. Les points de vue et les opinions exprimés sont toutefois ceux des auteurs et ne reflètent pas nécessairement ceux de l'Union européenne ou de CINEA. Ni l'Union européenne ni l'autorité subventionnaire ne peuvent en être tenues pour responsables.



Régénération des quartiers en vue d'un environnement bâti à faible émission de carbone, inclusif et abordable

## 2ND WORKSHOP



« Voix citoyennes: co-construire le Beckerich de demain »

**Quand :** Jeudi 11 Décembre 2025

**Où :** Moulin de Beckerich (Grange)



Un moment convivial et participatif, ouvert à tous les habitants (petits et grands, jeunes et moins jeunes) pour **imaginer ensemble le Beckerich de demain.**

## AGENDA

**15h00 - 15h15 :** Accueil – boissons et délices

**15h15 - 17h30 :** Ateliers participatifs autour de tables thématiques (embellissement de nos lieux publics, culture, patrimoine, le vivre ensemble et durabilité)

**17h30 - 18h00 :** Restitution collective

**18h00 - 18h45 :** Vin et chocolat chauds et cake offerts

**18h45 - 19h00 :** Clôture de l'événement



GEMENG  
**BIEKERECH**



Die Wärmepumpentechnologie ist moderne und energieeffiziente Heiztechnik: Sie gewinnt Energie aus Luft, Erde oder Wasser und wandelt sie in Wärme für Ihr Zuhause um. Dadurch lassen sich Heizkosten senken und CO<sub>2</sub>-Emissionen nachhaltig reduzieren.

Oft kursieren Vorurteile: Wärmepumpen seien nur in Kombination mit einer Fußbodenheizung geeignet, ineffizient bei Kälte oder schlichtweg teuer. Die Realität sieht jedoch anders aus: Wärmepumpen arbeiten auch bei niedrigen Außentemperaturen zuverlässig, eignen sich auch für bestehende Gebäude, bieten einen hohen Komfort und benötigen wenig Wartung.

Attraktiv wird der Umstieg auch durch finanzielle Vorteile, dank der staatlichen und kommunalen Beihilfen sowie der Zuschüsse der Energieversorger.

Für den Einstieg lohnt sich die **kostenlose und unabhängige Grundberatung** von Klima-Agence. Zusätzlich stehen praktische Tools zur Verfügung:

- Die **Checkliste „Wärmepumpen in Wohngebäuden“** für Privatpersonen fasst übersichtlich alle wichtigen Punkte von Planung bis Betrieb zusammen und hilft dabei, das Projekt gut vorzubereiten und erfolgreich umzusetzen: [klima-agence.lu/de/installation-waermepumpe](https://klima-agence.lu/de/installation-waermepumpe)
- Mit dem **Beihilfensimulator** können Sie die verfügbaren Förderbeträge (staatliche Klimabonus-Beihilfen, kommunale Förderungen oder Zuschüsse der Energieversorger) simulieren: [beihilfen.klima-agence.lu](https://beihilfen.klima-agence.lu)







La pompe à chaleur est une technologie de chauffage moderne et performante. Elle capte l'énergie de l'air, du sol ou de l'eau et la transforme en chaleur pour votre logement. Résultat : une baisse des factures et une réduction durable des émissions de CO<sub>2</sub>.

De nombreuses idées reçues circulent : réservées uniquement aux planchers chauffants, inefficaces en hiver ou trop coûteuses. La réalité est bien différente : les pompes à chaleur fonctionnent de manière fiable même par basses températures, conviennent aussi aux bâtiments existants, offrent un grand confort et nécessitent peu d'entretien.

Le passage à la pompe à chaleur devient encore plus intéressant grâce aux avantages financiers : aides étatiques, communales et ceux des fournisseurs d'énergie.

Pour bien démarrer, profitez du **conseil gratuit et indépendant** de Klima-Agence. Des outils pratiques sont également à votre disposition :

- la **check-list pompe à chaleur** pour les particuliers, qui résume clairement tous les points essentiels de la planification à l'exploitation et aide à préparer et réussir votre projet : [klima-agence.lu/installation-pac](https://klima-agence.lu/installation-pac)
- Le **simulateur des aides**, pour simuler les montants disponibles (aides étatiques Klimabonus, subventions communales ou programmes des fournisseurs d'énergie) : [aides.klima-agence.lu](https://aides.klima-agence.lu)





# VISITT VU LEADER-PROJETEN AM WËLLE WESTEN

Um drëttén Tour vun der Duerfentwécklung zesumme mat der Landwirtschaftsministerin Martine Hansen sinn de 6. Oktober bei eis am Westen Projete presentéiert ginn, déi vun engem LEADER-Kofinanzement profitéiert hunn.

Sou goung et als éischt op Éischt, fir de Themewee „Éischter Bëschrou – Waldbaden mit allen Sinnen“ ze besichetegen. Dësen ass duerch eng Biergerparticipatioun am Kader vun engem LEADER-Projet entstanen. Déi ronn 50 Visiteuren aus de ländleche Gemengen hate vill Spaass de Wee duerch de Bësch zu Éischt mat alle Sënnen ze entdecken.

Zu Sëll stoung d'Virstellung vu zwee weidere LEADER-Projeten um Programm:

Den ofgeschlossene Projet „Gemeng Sëll – fréier an haut“, dee vun der Gemeng an der LEADER-Period 2014-2022 ëmgesat gouf an de zukünftege Projet „D'Kierch am Duerf: Historesche Patrimoine duerch Notzung schützen a valoriséieren“.

Zu Rued an der Gemeng Ell huet de Grupp de Centre Culturel "Aal Schoul" besicht.

Dës Ausfluch sinn eng Geleeënheet fir sech mat den Acteuren vun der ländlecher Entwécklung op der Plaz auszetauschen an sech fir déi eege Projeten inspiréieren ze loosse.



Martine Hemmer



# 10 JOER LEADER AM WËLLE WESTEN



## Wéi feiert een am Beschten eng ganz Region?

Mat vill Häerz, engem Bus voll engagéierte Mënschen, mat Geschicht am Gepäck an enger gemeinsamer Zukunftsvision!

Den 11. Oktober huet de LEADER Wëlle Westen säin 10. Anniversaire gefeiert. D'Christiane Thommes-Bach, Presidentin vum LEADER-Grupp, huet d'Gäschter am Amphitheater zu Gréiwels empfaangen, éier et mam Bus op eng Rees duerch d'Region gaangen ass.

Den éischte Stopp war zu Bilschdref am Keramikatelier, ee vun den éischten LEADER-Projeten aus de 1990er Joren, deen nach haut Léit zesummebréngt. D'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Rammerech, Myriam Schaack-Binck huet d'Gäschter empfaangen éier de Fränz Jacques de Grupp begréisst, a mat vill Begeeschterung duerch den Atelier gefouert huet.



Duerno goug et op Biekerech bei d'Kulturmillen an de Camille's Gaart, wou de LEADER-Grupp en Äppelbam geplazt huet. All Buergermeeschtesch an Buergermeeschter vun de néng Membersgemengen vum LEADER Wëlle Westen huet e Filzapel un de LEADER-Bam gehaangen – e staarkt Zeeche fir den Zesummenhalt an d'Engagement an der Region!

De feierlechen Ofschloss war zu Randschelt an der Scheier vum Musée Thillenvogtei. Nieft der Presidentin Christiane Thommes-Bach, hunn och de Paul Engel, Buergermeeschter vun der Gemeng Groussbus-Wal, an d'Martine Hansen, Ministesch fir Landwirtschaft, d'Roll vun LEADER als Motor fir d'Regionalentwicklung ënnerstrach.



Zesummen mat LEADER konnt am Wëlle Westen an de leschten 10 Joer vill beweegt, entwéckelt a verbonne ginn. Elo freeë mir eis op déi nächst zéng Joer voller neier Iddien a Projeten – vu Mënschen aus der Region, fir Mënschen an der Region!

Dir fannt Informatiounen iwwert d'Region, d'Projeten an Ënnerstëtzungsméiglechkeeten op [www.leader.lu](http://www.leader.lu)

Abonnéiert LEADER Lëtzebuerg och op Facebook an Instagram

**LEADER**  
WËLLE WESTEN

# NEI AM DILLENDAPP

## NOUVELLE ÉDUCATRICE AU DILLENDAPP

🇧🇪 Léif Elteren,

Ech heesche Julie Dejean, si 37 Joer al, bestuet an eng glécklech Mamm vun zwee Meedercher. Vum 1. Dezember un freeë ech mech drop, d'Ekip vum Dillendapp ze verstärken an äer Kanner ze begleeden.

Ech schaffen zënter 17 Joer als Educatrice, dovun e puer Joer als Chargée de direction. Nolauschteren, Kommunikatioun an Humor si Qualitéiten, déi mech gutt beschreiwen.

Ech baken immens gärén, hu Spaass un Aktivitéiten am Fräien a entdecke gär Neies. Och wann ech nach Ufängerin am Lëtzebuergesch sinn, sinn ech motivéiert, dës Sprooch zesumme mat iech ze léieren.

Ech freeë mech schonn drop, iech geschwënn kennen ze léieren!

🇫🇷 Chers parents,

*Je m'appelle Julie Dejean, j'ai 37 ans, je suis mariée et l'heureuse maman de deux filles.*

*A partir du 1er décembre je suis ravie de rejoindre l'équipe du Dillendapp et d'accompagner vos enfants.*

*Je suis éducatrice depuis 17 ans, avec une expérience notable en tant que chargée de direction durant quelques années.*

*L'écoute, la communication et l'humour sont des qualités qui me définissent bien.*

*J'adore pâtisser, pratiquer des activités en extérieur et découvrir de nouvelles choses.*

*Débutante en Luxembourgeois, je suis déterminée à apprendre cette langue avec vous tous.*

*J'ai hâte de vous rencontrer !*



Dillendapp



# BROCHURE



Download



TIPPS A FLOTT PLAZE FIR E WINTER OUNI BILDSCHIERM

CONSEILS ET ENDROITS SYMPAS POUR UN HIVER SANS ÉCRAN

TIPS AND COOL PLACES FOR A SCREEN-FREE WINTER

Kannerdae  
liichten  
**Offline**  
méi hell







ENG SÄIT FIR D'KANNER:

# D'KANNERMOUK

E grouesse *Merci*  fir déi flott Fotoen.





ENG SÄIT FIR D'KANNER:

# D'KANNERMOUK



## Boxemännercher baken:

Du brauchst:

500g Miel    2 Eeër    250ml wotlech Mëllech  
 20g Hief    100g Botter  
 2EL Zocker    eng Pënz Salz

Esou geet et:


D'Miel an eng Schossel schëdden an do e Lach dra maachen. An dat Lach zerbréckels de d'Hief mat 1EL Zocker an e bësse Mëllech. Verréier dat zu engem glate Virdeeg. Looss den Deeg 15min bei Zëmmertemperatur rouen.

Een Ee, den Zocker, d'Salz an de Rescht Mëllech ënner den Deeg knieden. Duerno mëss de de Botter dobäi. Looss den Deeg elo 20min rouen.

Duerno nach emol gutt duerchknieden. Elo ass et Zäit fir den Deeg auszerullen an d'Boxemännercher ze formen. Lee d'Boxemännercher op e Blech a looss se nach emol 20min goen. Duerno klapps de d'Ee op an bepinsels d'Boxemännercher domat. Elo si se prett fir an deem warmen Uewen bei 180 Grad während 30min ze baken. Gudden Appetit!

### WITZENECK:

De Piti seet zur Boma:  
 "D' Trompett war  
 wierklech de Beschte  
 Kado vum Kleeschen."  
 Dodrop freet d'Boma:  
 "Ahsou, firwat dann?  
 Do äntwert de Piti:  
 "D'Mamma gött mer  
 all Dag 1 Euro fir dass  
 ech nit spillen."



Opgepasst: de Klees'chen  
 kënnt:

5.12.2025 bei dech an  
 d'Schoul a fir déi méi Kleng  
 an de Centre Culturel







# 15.11.2025: DAG VUM BAM

JOURNÉE DE L'ARBRE 2025

## Biekerech huet den Dag vum Bam gefeiert

De Samsdeg 15. November 2025 huet Biekerech – bei richteg typeschem Hierschtwieder – den Nationalen Dag vum Bam gefeiert. Dësen Dag huet nach eemol drop higewisen, wéi wichteg Beem am Kampf géint de Klimawissel sinn, an huet gläichzäiteg déi nei Planzsaason ageleet. Vill lëtzebuerger Gemengen, dorënner och Biekerech, haten Aktiounen organiséiert, déi fir d'Allgemengheet op waren: Spadséiergänger, matmaach-Aktiounen an aner gesellleg Evenementer.

Géint 10 Auer goufen – ënner der Leedung vum Buergermeeschter an de Memberen aus der Ëmwelt- a Mobilitéitskommissioun – 23 Familljen, zesumme mat hire Kanner déi 2024 op d'Welt koumen, härezech um Parking bei der Biekerecher Millen begréisst. No enger kuerzer Ried vum Buergermeeschter un d'Familljen an un d'Kanner ass d'Grupp bei d'Plaz gaangen, wou d'Gemengenaarbechter e puer Deeg virdrun en neie Bam geplanzt haten. D'Eltere kruten d'Méiglechkeet, selwer nach e puer Schëppen Äerd bei de Bam ze verdeelen.



Éier et zeréck goug, ass de Grupp nach an d'Biekerecher Mille getrëpelt. Do louche nämlech Leemplacke prett, op déi all Kand säi Foussofdruck konnt drécken. Et goufen ëmmer zwee Ofdréck gemaach: een, deen duerno un de Bam gehang gëtt, an een, deen d'Famill mat heem huele konnt.

Nodeems dës Ofdréck vun Autisme Luxembourg am Centre Roger Thelen zu Biekerech gemoolt, gebak an fäerdeg gemaach ginn, entsteet e ganz perséinlecht a wäertvollt Erënnerungsstéck. Am Mäerz 2026 invitéiert d'Kommissioun d'Elteren an hir Kanner, fir an engem gemittleche Kader déi final Plack un de Bam ze hänken.

D'Gäscht hunn d'Geleeënheet genotzt, sech bei fair-trade Gedrénks, lokalem Waasser a Wäin, souwéi Pain surprise an klengen Zakouskisen ze ënnerhalen – an enger härezlecher a familiärer Duerfstëmmung.

## Beckerich a célébré la Journée de l'Arbre

Le samedi 15 novembre 2025, par une météo typique d'automne, Beckerich a célébré la Journée nationale de l'Arbre, un événement qui a mis à nouveau en lumière l'importance des arbres dans la lutte contre le changement climatique et a donné le coup d'envoi d'une nouvelle saison de plantations. De nombreuses communes luxembourgeoises, dont Beckerich, ont organisé des activités ouvertes au public, entre promenades, actions participatives et événements conviviaux.

Vers 10 heures, sous la direction du Bourgmestre et des membres de la commission de l'environnement et de la mobilité, ce ne sont pas moins de 23 familles, accompagnées de leurs enfants nés en 2024, qui ont été chaleureusement accueillies au parking de la « Biekerecher Millen ». Après une brève allocution du Bourgmestre, adressée à la fois aux familles et aux enfants, les invités se sont rendus sur le site où, quelques jours plus tôt, les ouvriers communaux avaient planté un nouvel arbre. Les parents ont activement participé en ajoutant quelques pelletées de terre au pied de l'arbre, dans un esprit convivial et respectueux des traditions locales.



Mais avant de repartir, tout le monde s'est dirigé vers le Moulin de Beckerich, où des plaques de terre glaise attendaient chaque enfant. Dans une dynamique bien rodée, chaque petit a répondu à l'appel en venant apposer l'empreinte de son pied. Deux empreintes ont été prises : l'une pour être accrochée à l'arbre planté, l'autre pour la famille.

Après avoir été peintes, cuites et traitées par Autisme Luxembourg au centre Roger Thelen à Beckerich, ces empreintes constitueront un souvenir unique. En mars 2026, la commission invite les parents, accompagnés de leurs enfants, à fixer les plaques sur l'arbre planté, lors d'une matinée conviviale.

Les parents et invités ont profité de l'occasion pour échanger autour de boissons fairtrade, d'eaux et de vins locaux, accompagnés de pain surprise et de petits zakouskis, dans une ambiance conviviale et chaleureuse entre villageois.






All Joer stellt d'Fondatioun eng nei heemesch Bamzort an de Fokus, fir d'Sensibiliséierung ze stäerken. Nom lelenter war et dëst Joer d'Hobich (*Carpinus betulus*), déi als Bam vum Joer 2025 ausgewielt gouf. Robust a mat engem Undeel vu ronn 17 % an de lëtzebuergeresche Bëscher, bitt en eng wichteg Liebens- a Nahrungsquell fir vill Déierenarten a spillt eng entscheidend Roll an der Stabilitéit vun eisen Ökosystemer. Seng héich Upassungsfäegkeet mécht en zousätzlech zu engem wichtige Bestanddeel vun de Bëscher vu muer.

*Chaque année, pour renforcer cette sensibilisation, la fondation met à l'honneur une espèce d'arbre indigène. Après l'alisier blanc, c'est cette année le charme commun (*Carpinus betulus*) qui a été désigné "arbre de l'année 2025". Résistant et présent dans 17 % des forêts du Luxembourg, il offre un refuge et une source de nourriture pour la faune, tout en jouant un rôle fondamental dans la stabilité des écosystèmes. Sa capacité d'adaptation fait de lui un atout pour les forêts de demain.*

✍️ & 📷 Martin Gillet





# KANNERWONSCHBAM ARBRE DE VOËUX POUR ENFANTS 2025

10<sup>E</sup> ÉDITION AU CANTON DE REDANGE

## SI VOUS VOULEZ SOUTENIR CETTE ACTION

Choisissez une étoile sur l'arbre de Noël placé à l'accueil de votre maison communale entre le 1 décembre et le 12 décembre

Achetez le cadeau indiqué par l'enfant sur l'étoile  
Cadeau de moins de 60€ : Jouets, jeux de société, livres, pas de jeux électroniques pour consoles sauf ceux à titre éducatif

Déposez le cadeau à la maison communale avant le 17 décembre

## DIR WËLLT D'AKTIOUN ËNNERSTËTZEN

Wielt e Stär vum Kannerwonschbam am Accueil vun ärer Gemeng, tëschent dem 1.Dezember an dem 12.Dezember

Gitt dee Kaddo kafen, entspreichend dem Kannerwonsch um Stär  
Kaddo bis max. 60€ : Spillgezei, Gesellschaftsspiller, Bicher, keng elektronesch Spiller, ausser sie hätten en erzéiereschen Wäert

Gitt ären Kaddo op der Gemeng virum 17.Dezember of

Pour tout renseignement /All weider Informationen : Office Social OSCARE, Tel.: 26 62 01 55-1

Numéro de compte /  
Kontosnummer :  
Club Soroptimist Mosaik  
CCPL LU08 1111 1575 6133 0000



**KANTON  
REIDEN**



**OS  
CARE**  
Office Social Canton  
vum Macerang

**ACTION DE SOLIDARITÉ**

Payez mobile avec Payconiq



- Scannez ce QR code Payconiq
- Entrez le montant de votre don
- Validez votre don avec votre Face ID, votre empreinte digitale ou votre code PIN

payconiq



## Déblayage de la neige / Schneedienst

**DE** Bei Schneefall können Sie auf unseren «Service aux citoyens» zählen. Wir bieten Ihnen einen Schneedienst an, um Ihre Bürgersteige sowie Ihre Außenanlagen zu säubern.

Dieser Dienst wird Ihnen werktags angeboten:

Von montags - freitags  
von 09.00 - 15.30 Uhr  
außer an Feiertagen

Wir versuchen, jede Anfrage schnellstmöglich zu erfüllen.

**FR** En cas d'enneigement vous pouvez compter sur notre «Service aux citoyens» pour le déblayage de vos trottoirs ainsi qu'autour de votre maison.

Ce service est offert tous les jours ouvrables:

Du lundi au vendredi de  
09.00 à 15.30 heures  
sauf les jours fériés

Nous essayons de traiter vos demandes le plus vite possible.

Pour plus de renseignements, n'hésitez pas à contacter notre «Service aux citoyens»

T: 80 48 85 - 1 / [www.fpe.lu](http://www.fpe.lu)



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Travail

Tarifs / Tarife TTC:

**Prix par équipe:**  
**44,12 € ttc / par demi-heure**  
**0,84 € ttc/km**

Le sel de déneigement sera facturé en supplément  
selon besoin

Ces prix sont valables pour la saison 2025/2026



Service aux citoyens



Forum  
pour l'emploi.



### Neie Service beim SIDE C – Sécher Dokumentenzerstéierung!

Ab elo kanns du deng vertraulech Dokumenter ganz einfach an eis securiséiert  
Containere am Ressourcenzenter geheien.

Deng Dokumenter ginn an enger agréierter Fabrik sécher zerstéiert – ouni Risiko fir  
eng Datefuite!

Wat kanns du ofginn?

- Bankauszich, Rechnungen
- CV'en, Paiziedelen, administrativ Dossieren
- Ofgelafen ID- oder Bancomatskaarten
- Ënnerschriwwen Dokumenter, Notizen, asw.

☞ Nëmme fir Haushaltsmengen

E Geste fir deng Sécherheet a fir d'Ëmwelt!

Méi Informatiounen op [www.sidec.lu](http://www.sidec.lu)





## CHRËSCHTDEKORATIOUN DÉCORATION DE NOËL

Gëff denger aler Chrëschtdekoratioun  
een zweet Liewen!

*Donne une seconde vie à  
tes anciennes décorations de Noël*



Dës Aktioun leeft an all eise Ressourcenzenteren.  
*Cette action a lieu dans tous nos centres de ressources.*





www.fairtradegemeng.lu / 2025

## EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



### THE POWER OF THE MANY !



À l'approche des fêtes de fin d'année, le chocolat sous toutes ses formes s'invite toujours à nos tables et dans nos cadeaux. A nous de rendre justice à celles et ceux qui font naître notre gourmandise préférée.

#### Mission n° 1 : je me décide

Si j'offre du chocolat, alors issu du commerce équitable il sera ! Plus nous serons nombreux à choisir le chocolat Fairtrade, plus notre impact sur la vie des producteurs et travailleurs du cacao sera grand. Du carré du soir à la boîte de chocolats offerte à nos proches, chaque bouchée compte.

#### Mission n° 2 : je passe à l'action

Facile ! Aujourd'hui, les douceurs Fairtrade sont partout. Et si mon magasin n'en propose pas, je lui en demande. *The future is fair* - dès maintenant avec nos cadeaux et dans nos caddies.

#### Mission n° 3 : je transforme

Chaque achat responsable change des vies et contribue à démocratiser un modèle économique basé sur le respect. En choisissant des produits Fairtrade, je soutiens des prix justes, des conditions de travail dignes et un avenir durable pour les producteurs et travailleurs.



Albino Riega, producteur et membre de la coopérative NorAndino, travaille dans sa plantation de cacao à Quemazon, au Pérou  
©Fairpicture

## SOYONS TOUS SOLIDAIRES

Les défis et risques de la filière cacao sont nombreux : travail forcé des enfants, absence d'un revenu vital, violations des droits humains et environnementaux, discrimination des genres, déforestation, dérèglement climatique ou encore crise inflationniste, les producteurs et productrices de cacao ont besoin de notre solidarité et de notre soutien. **Pour les jours des fêtes et toute l'année, restons unis avec les producteurs et travailleurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes.**



**FAIR(e)  
plaisir**





# MIR KËNNEN ALL E LIEWE RETTEN.

ALL SEKONN ZIELT.



LUET D'APP **STAYING ALIVE LU** EROF.



Kënnt et an Ärer  
Géigend zu engem  
Häerzstëllstand:

1. Gitt alarméiert
2. Intervenéiert
3. Rett e Liewen



Download  
d'App





## Par ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert  
Site: <https://cathol.lu/atertdall>

### ÉQUIPE PASTORALE:

Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 [jjf@scj.lu](mailto:jjf@scj.lu)  
Père Antoine DO SCJ, vicaire T: +33 695 24 33 19 Mail: [antoine.do@cathol.lu](mailto:antoine.do@cathol.lu)  
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail: [jacques.bagnoud@cathol.lu](mailto:jacques.bagnoud@cathol.lu)  
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail: [vincent.billot@cathol.lu](mailto:vincent.billot@cathol.lu)

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES** Tél: 23 62 10 53 / [atertdall@cathol.lu](mailto:atertdall@cathol.lu) Michèle ASSERAY, secrétaire

**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ

**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES** Tél. 621 686 102



### Ausflug op den Chrëschtmaart op Aachen, den 13. Dezember

*Org: ACFL Par Atertdall / Umeldungen bis 6.12. beim Diane Flammang: 691 110 583*

## ADVENT A CHRËSCHTDEEG AN EISER PAR

**Freidig, de 12. Dezember** um 15.00 Auer zu Réiden **Adventsandacht fir déi eeler a krank Leit**  
*Org.: Alten- & Krankenpastoral* (wann Dir e Chauffeur braucht, w.e.gl. uruffen tel: 621 618 855)

**Sonndig, den 21. Dezember** um 10.45 Auer zu Biekerich: Houmass

**HELLEG OWEND** Mëttwoch, 24.12.:

zu Réiden um 18.30 Auer Chrëschtmetten mat Verdeelen vum Friddensliicht  
zu Ell um 18.30 Auer Chrëschtmetten mat Verdeelen vum Friddensliicht

**CHRËSCHTDAG** Donneschdig, 25.12.:

am Préizerdaul um 10.00 Auer Festmass mat Verdeelen vum Friddensliicht  
zu Groussbus um 10.45 Auer Festmass mat Verdeelen vum Friddensliicht

**STIEFESDAG** Freidig, 26.12. zu Osper um 10.45 Auer Festmass

**HELLEG FAMILL** Sonndig, 28.12. zu Useldeng um 10.45 Auer Festmass  
zu Réiden um 18.30 Auer Owesmass



*D'Kärze mam Friddensliicht ginn no de Massen vun de Scouten Biekerich & Groussbus verdeelt. Den Erléis ass fir een humanitären Projet vun der LGS – Guiden & Scouten Lëtzebuerg.*

**Sonndig, de 4. Januar 2026** um 16.00 Auer zu Wahl an der Kierch:

**CONCERT „LIDDER OP DRÄIKINNIKSDAG“** mat de Choralen NÄERDEN & WAHL

### HÄERZLICH INVITATION

*Wann Dir Freed um Sengen hutt, sidd Dir häerzlech wëllkomm an de Choralen aus der Par Atertdall. Gären kënnt Dir lech direkt un d'Sänger wenden oder am Parbüro zu Réiden Informatiounen froën.*

### BEICHT a KRANKEKOMMIOUN

#### Confession et communion

Wann Dir duerch Krankheet oder Schwächt net méi kennt um Gottesdéngscht deelhuefen, an d'Kommioun gären ëmpfängt, dann mellst lech w.e.gl. beim Marie Claire Rasqué (Kranken- an Altenpastoral) Tel: 621 618 855. Wann Dir gären beichte wëllt, da mellst lech beim Pater Jean-Jacques Flammang, Tel: 661 746 852.

Si vous souhaitez une visite ou recevoir l'eucharistie à domicile, veuillez appeler Mme Marie Claire Rasqué (Pastorale des malades) au tél. 23 62 07 20 / 621 618 855. Si vous souhaitez le sacrement de la confession, veuillez contacter Père Jean-Jacques Flammang au tél : 661 746 852.

**D'Pastoraléquipe wéinscht Iech all schéi Chrëschtdeeg.**


**L'équipe pastorale vous souhaite un joyeux Noël.**

De Masseprogramm fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet <https://web.cathol.lu/article8890>



Formatioun op Lëtzebuergesch

## ÉISCHT HËLLEF




11.04.2026 08:00-12:00 et 13:00-17:00

12.04.2026 08:00-12:00 et 13:00-17:00

CIS Beckerich

2, Jos Seyler Strooss

L-8522 Luxembourg



## BEHANDELT SUJET'EN


- > Accidenter a Wonnen;
- > Verbrennungen a Verbänn;
- > Bluddungen a Frakturen;
- > Bewusstlosegkeet a stabil Säitelag;
- > Otmung a Reanimation;
- > Häerz, Defibrillateur (DSA) a Kannerreanimatioun;
- > Ausdoe vun engem Motorradshelm

Aschreiwung an Informatiounen  
[cours.cgdis.lu](https://cours.cgdis.lu)



Formation en français

## PREMIERS SECOURS




24.01.2026 08:00-12:00 et 13:00-17:00

25.01.2026 08:00-12:00 et 13:00-17:00

CIS Beckerich

2, Jos Seyler Strooss

L-8522 Luxembourg



## SUJETS ABORDÉS

- > Réactions immédiates sur le lieu de l'incident/accident ;
- > Prise en charge de plaies et pansements ;
- > Prise en charge des brûlures ;
- > Inconscience et position latérale de sécurité (PLS) ;
- > Réanimation de base et application du défibrillateur ;
- > Réanimation de base de l'enfant ;
- > Enlèvement du casque d'un motard

Inscription et informations  
[cours.cgdis.lu](https://cours.cgdis.lu)







Donneschdeg, den  
**18. Dezember 2025**  
 ab 11:30 Auer.  
 Um 20 Auer ass  
 Schluss!

Den Erléis geet un  
**A.M.V.A a.s.b.l.**  
 &  
**d'Association  
 luxembourgeoise des  
 groupes sportifs pour  
 cardiaques a.s.b.l.**

D'Verkaafs-  
 stänn  
 maachen um  
 15h00 zou.

# Chrëschtmaart am ALR



BALADES CONCERTS EXPOSITIONS **CONFERENCE** MARCHÉS & SALONS SPECTACLES THÉÂTRE

## « Bruce Springsteen : l'Amérique à cœur ouvert ! »

Conférence de Laurent Rieppi  
et Pierre Bartholomé

05/12

20H00  
Sall Scheier

Entrée : 15€

Info :

[info@kulturmillen.lu](mailto:info@kulturmillen.lu)[www.kulturmillen.lu](http://www.kulturmillen.lu)

50 ans après le succès planétaire de  
« Born to run », Laurent Rieppi et  
Pierre Bartholomé vous retraceront,  
en 1H30, la trajectoire  
exceptionnelle du Boss

**Kulturmillen**

Am Geescht vun der Zäit



D'Schweecherdauler MUSIK

invitéiert lech häerzlech op hire

# CITY TRIP

## WANTERCONCERT

samschdes, de 06.12.2025

KANNER  
FRÄI

ENTRÉE  
10€

UFANK  
19:30

1.Deel: Jugendmusik  
DIREKTION: Anna SCHERER

2.Deel: Kleng a Grouss

3.Deel: Grouss Musik  
DIREKTION  
Jérémy LACAVE

GLÜHWÄIN

STOLLEN

CC  
I  
E  
L  
W  
E  
N

RESERVATION : SMS 621 173 429





# MANIFESTATIOUNSKALENNER

## DEZEMBER 2025

✓ 02.12.2025 • 14h30

**Kaffiskränzchen**

CCVEI

📍 Millespënnchen

✓ 05.12.2025 • 20h00

**Conférence: «Bruce Springsteen  
L'amérique à cœur ouvert!»**

Kulturmillen

📍 Millescheier

✓ 05.12.2025 • 16h15

**De Kleesche kënnt** 🎅

📍 Centre culturel Biekerech

✓ 06.12.2025 • 19h30

**City Trip Wanterconcert**

Schweecherdauler Musik

📍 Centre polyvalent Ielwen

# Schéi Feierdeeg

## Bonnes fêtes



GEMENG  
**BIEKERICH**

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich  
Tél. : 26 669-100 • E-mail : [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu)  
[www.beckerich.lu](http://www.beckerich.lu)

Les bureaux sont ouverts :  
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

